association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2024

Rapport vun der Entrevue mam Educatiounsministère vum 18. Dezember 2024

Präsenzen
MENJE: M. C. Huss, M. M. Michely
APESS: M. P. Beil, M. G. Everling

Remuneratioun vun de Membere vun der CAR fir d'Schouljoren 23/24 a 24/25

Den 30.6.23 ass e neit Gesetz a Kraaft getrueden, dat ënner anerem d'Commission des aménagements raisonnables (CAR) betrëfft. Do steet am Artikel 55-1 (8): "Le fonctionnement et les jetons de présence revenant aux membres de la CAR sont fixés par règlement grand-ducal." Et gëtt awer bis haut kee neie Reglement an ausser dem Membre externe ass fir d'Schouljoer 23/24 a 24/25 kee CAR Member fir seng Aarbecht remuneréiert ginn.
De MENJE huet zougestëmmt eng Decharge fir Enseignanten anzeféieren a wäert déi concernéiert Direktiounen informéieren. Et gëtt nach gekuckt wéi d'Membres suppléants remuneréiert solle ginn, eventuell iwwer eng direkt Indemnisatioun, fir de Fall, wou de Membre suppléant asprange muss. Dofir ginn d'Statistike vun zejoert gekuckt.

Froen zum CET

Mir hunn d'Fro opgeworf, firwat fir d'Berechnung vun enger voller Tâche e Couloir vun 21,5 bis 22,49 Schoulstonne gëllt, mä beim CET ëmmer 22 geholl gëtt. Ass et keng Diskriminatioun wann deen een nëmmen 21,5 Schoulstonnen hale muss an deen aneren 22,49? A wier et net méiglech, de Couloir ofzeschafen an déi genau Stonnenzuel präzis ze verrechnen, sou datt een ëmmer op mannst 22 Stonnen hätt an alles doriwwer eraus als Iwwerstonnen verrechent géif ginn?
De Couloir ass gesetzlech definéiert am Kader vun der Berechnung vun der Tâche. Beim CET ass festgehal ginn fir ëmmer op 22 ze glätten. Mat der Zäit gläicht et sech aus, well déi eng ënner an déi aner iwwer 22 leien sou datt an der Moyenne wuel zimmlech genau 22 erauskënnt. Fir d'Stonnenzuel anescht ze verrechnen misst den Tâchereglement geännert ginn, wat zur Zäit net geplangt ass.

Mir hu gefrot op et eng Instruction ministérielle (IM) zum CET gëtt a gefuerdert, datt de Refus wéinst Besoin de service misst limitéiert ginn.
Et gëtt am Moment keng IM zum CET. Wat de Besoin de service ugeet ass eng Recommandatioun fir d'Direktiounen am gaangen ausgeschafft ze ginn. Sou gëtt et z.B. Méiglechkeeten fir de Congé parental iwwer de CET ze verlängeren woubäi d'Direktioun dann e CDD astelle kann. Analysen dozou lafen. Problemer gëtt et a Fächer wou net genuch Leit sinn an ee kee CDD fënnt. En Depart an d'Pensioun ee Joer am Viraus gëtt allgemeng accordéiert. Et muss een och wëssen, datt en Enseignant, am Géigesaz zu anere Karriäre beim Staat, Iwwerstonnen ausbezuelt kritt, och wann de CET voll ass. D.h. bei eis sinn Heures excédentaires gläich Heures supplémentaires wärend an den aneren Administratiounen Heures supplémentaires am Viraus

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

mussen ugefrot ginn soss gi se net bezuelt. Den 36/52 Koeffizient bei den Iwwerstonnen ass eng aner Diskussioun.
Mir sinn der Meenung, dass de CET an der Hand vum Agent bleiwe soll. Dee muss kënnen decidéieren, wéi an ob en seng gespuerte Stonnen eranhëlt. Wann z.B. eng Decharge oder e fakultatiivt Modul ewechfält misst den Agent kënnen eng Stonn vum CET huelen fir dat auszegläichen.

D'Valorisatioun vun der Proffekarriär allgemeng a besonnesch vum ofgeschaaften Travail de candidature

Mir kruten deemools 5 Stonnen Decharge iwwer 18 Méint fir den TC. Mä wärend där Zäit hate mir 30 Punkte manner Pai an eis Karriär huet 18 Méint méi spéit ugefaangen, ouni Kompensatioun. Dat mécht iwwer d'ganz Karriär e groussen Ënnerscheed. De MENJE huet deemools vun eis eng zousätzlech postuniversitär Ausbildung verlaangt, eis awer net dofir kompenséiert, wärend soss beim Staat normalerweis d'Remuneratioun a Funktioun vun der verlaangter Qualifikatioun steet. Mir verlaangen dofir en Ausgläich.
De Ministère denkt iwwer dee Punkt no.

Wat d'allgemeng Proffekarriär betrëfft hu mer de Problem, datt mer an enger Rei Fächer keng Leit fannen. D'Maitres d'enseignement krute 15 Punkte bäi. Mir fuerderen eng Opbesserung vun der A1-Karriär.
Anscheinend wieren déi 15 Punkten net d'Haaptmotivatioun bei enger Rei vu nei rekrutéierte Maitres gewiescht, mä d'Méiglechkeet d'Beruffsliewen besser an Aklang mat hire familiären Obligatiounen ze bréngen. Wann een sech d'Zuele vun de Kandidaten am Kader vum Plan de recrutement am Enseignement ukuckt, ass d'Penurie iwwerall grouss, beim B1 ass se am gréissten. Insgesamt spillen awer nieft der Remuneratioun sécher méi Faktoren eng Roll, z.B. den Examen concours, d'Iwwerstonnen, d'Bild vum Beruff dobaussen asw. Et gëtt iwwer ënnerstëtzend Moossname a Weeër nogeduecht, déi den Enseignant entlaaschte wäerten.

Froen zum Congé social an den Absence vum Léierpersonal

Am Code de la fonction publique Sektioun VII Congé social Art. 28-8 gëtt vu Stonne geschwat: "Le fonctionnaire travaillant à temps plein respectivement occupant une tâche partielle supérieure ou égale à cinquante pour cent d'une tâche complète bénéficie, sur sa demande, d'un congé social pour raisons familiales et de santé de vingt-quatre heures au maximum par période de trois mois." Am Enseignement stellt sech do d'Fro, ob eng Schoulstonn dann zwou Stonne sinn oder eng.
De Congé social ass selbstverständlech och am Enseignement ze applizéieren a stellt e Recht vum Agent duer. Virgesinn ass am Text grondsätzlech eng entspriechend Justifikatioun, fir datt de Congé social accordéiert ka ginn. Vu datt den Text vun "Heures" schwätzt, ass hei keng Konversioun zu Leçonen virzehuelen.

Bei 1 Stonn Absence gëtt de ganzen Dag als absent comptabiliséiert, wat anscheinend am WebUntis automatesch geet a net vun der Direktioun beaflosst gi kann.
Wat am WebUntis als Jours d'absence ugewise gëtt misst eigentlech Moments d'absence heeschen. Där huet een dräi de Mount zegutt. Se gi just fir d'Proratisatioun vun den Iwwerstonne benotzt, an et gëtt maximal ee Moment d'absence pro Dag comptabiliséiert. Ab 4 Moments d'absence ginn d'Iwwerstonnen proportional zu den Deeg vum Mount reduzéiert. Bei enger Iwwerstonn an der Tâche a 4 Moments d'absence am Mount Dezember, gëtt d'Iwwerstonn an der Tâche vum Dezember mat 4/31 * 1 Leçon = 0,129 no ënne revidéiert.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

31 Deeg entsprieche ronn 4 Wochen, d.h. et gëtt am absolutten ongeféier 0,5 Leçon ofgerechent bei 4 Moments d'absence.

D'Begrenzung vun der Remuneratioun vun de Rédacteurs-experts fir d'Premièresexamen an der Informatik

Zu dësem Punkt gouf an den Deeg virun eiser Reunioun eng gutt Léisung fonnt, andeems d'Redaktioun an d'Expertise op zousätzlech Leit opgedeelt gëtt a sou den Aarbechtsopwand fir all Eenzelnen staark erofgeet. Dat mécht et méi einfach, déi Aarbecht innerhalb vum Maximum u Stonnen, dee remuneréiert gëtt, ze maachen an erlaabt et dem betraffenen Enseignant och déi Aarbecht besser mat senger Tâche an Aklang ze bréngen.

Déi fir déi jeeweileg Sektioune responsabel Kommissären hunn dëst mat de concernéierte Programmkommissiounspresidenten ofgeschwat. Zil vun dëser Approche ass et, Kohärenz am System ze garantéieren an d'Iwwerbelaaschtung vum eenzelnen Enseignant ze verhënneren.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426